N°3257
Entrée le 26.11.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.11.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 26. November 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an den Här Minister fir d'Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden:

„Ëmmer méi Bauerebetriber ginn sech Méi fir hir landwirtschaftlech Produktioun ze diversifizéieren oder fir sech an enger präziser Produktioun ze spezialiséieren, virun allem, wa mer heizuland selwer dee Produit net a genügende Mooss hierstellen. Mëttlerweil gëtt et och méi „Fermes pédagogiques“, wou Kanner eng rekreativ an non-formell Bildung ugebuede kréien. Aner Betriber hu mëttlerweil een eegenen Haffbuttek, op deem si hir Produkter vermaarten.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an dem Här Minister fir d'Educatioun, Kanner a Jugend follgend Froe stellen:

- Wéi huet sech hei am Land d'Zuel vun de „Fermes pédagogiques“ zanter 2020 entwéckelt?
- A wat fir enge Kantone si se am meeschte verbreet?
- Wéi huet sech am Kontext vun der Direktvermaartung d'Zuel vun den Haffbutteker entwéckelt? Wéi gesäit och hei déi geografesch Verdeelung aus?
- Wéi vill landwirtschaftlech Betriber hu Wunnenge fir Zäitaarbechter oder aner Clienten op hirem Betrib kënne schafen?
- Wéi vill Betriber hu souwuel eng „Ferme pédagogique“ wéi och een Haffbuttek?“

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Luc EMERING
Deputéierten

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau a vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro n° 3257 vun den éierbaren Deputéierten André Bauler a Luc Emering**

**- Wei huet sech hei am Land d'Zuel vun de „Fermes pédagogiques" zanter 2020 entwéckelt?**

Et gëtt kee gesetzleche Kader fir d'Fermes pédagogiques, déi meeschte sinn awer an der „Association des fermes pédagogiques luxembourgeoises" Member. All Informatiounen zu dëser Associatioun si verfügbar ënner „https://www.fermepedagogique.lu/fr/". Eng Duerstellung vun der Entwécklung ass deemno net verfügbar.

**- A wat fir enge Kantonen si se am meeschte verbreet?**

Um Site „fermepédagogique.lu" gëtt et eng Kaart, wou een dat kann nokucken. Donieft presentéiere mir op eisem Site „letzfarm.lu" am Kader vum Projet „Landwirtschaft erliewen" och d'Fermes pédagogiques déi do matmaachen. Op dem Site kann een och kucken a wéi enger Géigend wéi ee Betrib ass.

**- Wéi huet sech am Kontext vun der Direktvermaartung d'Zuel vun den Haffbutteker entwéckelt?**

Eng Erhiewung zum Ëmfang vun der Direktvermaartung, déi iwwer Haffbutteker ofgewéckelt gëtt, ass net verfügbar. Eng Indikatioun, wéivill Ëmsatz bei den 31 Betriber, déi am SER-Buchführungsreseau matmaachen an déi och Direktvermaartung am Joer 2024 gemaach hunn, fann Dir am Tableau hei hannendrun. An d'Auswäertung si 650 Betriiber aus dem Reseau agefloss. Deemno notze ronn 5% vun de Betriber an iergend enger Form dëse Vermaartungswee.

| **Betriebe mit Direktvermarktung** | | **31** |
|---|---|---|
| Umsatz aus Direktvermarktung im Vergleich zum Gesamtumsatz | 0-5% | 19 |
| Umsatz aus Direktvermarktung im Vergleich zum Gesamtumsatz | 5-10% | 6 |
| Umsatz aus Direktvermarktung im Vergleich zum Gesamtumsatz | 10-50% | 4 |
| Umsatz aus Direktvermarktung im Vergleich zum Gesamtumsatz | >50% | 2 |

**- Wéi gesäit och hei déi geografesch Verdeelung aus?**

Am Kader vun eisem nationalem Plang fir d'Ernärung wëlle mir ausserdeem een Outil schafe fir d'Visibilitéit vun der Direktvermaartung mat Hëllef vun enger App ze verstäerken.

**- Wéi vill landwirtschaftlech Betriber hu Wunnenge fir Zäitaarbechter oder aner Clienten, déi op hirem Betrib kënne schaffen?**

Eng Iwwersiicht zu sou Wunnengen ass net verfügbar.

**- Wéi vill Betriber hu souwuel eng „Ferme pédagogique“ wéi och een Haffbuttek?**

Wéi aus deenen Äntwerten vu virdrun ervir geet sti keng komplett Iwwersiichten zu de „Fermes pédagogiques“ an och zu den Hafbutteker zur Verfügung. Eng Iwwerschneidung kann een net realiséieren an doduerch ass eng komplett Statistik heizou net méiglech. Eng Aschätzung vun den Aktivitéite léist sech duerch Consultatioun vun deene genannte Site maachen.

Lëtzebuerg, den 14. Januar 2026

(s.) Martine Hansen
Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau